GEMENG JONGLËNSTER

Réunion 07/24

# Commune de Junglinster

## Commission consultative de la santé, des affaires sociales et du bien-être

**Lieu de réunion :** Reuniounssall Centre Culturel am Duerf

**Début de la réunion :** 19h30

**<u>Ordre du jour :</u>**

Ordre du jour :

1. Approbation du rapport de la dernière réunion du 11/07/24
2. Organisatioun vum Filmowend
3. Relais pour la vie 2024 - Updates
4. Iddi: GSK-Medien-Mag-Team
5. Datumen fixéieren an Rappel
6. Divers – Publikatioun Rapports'en

Fabrice Mousel
Président

Philippe Frisch
Secrétaire

GEMENG JONGLËNSTER



**1. Approbation du rapport de la dernière réunion du 13/06/24**

De Rapport vun der leschter Reunioun ass unanime ugeholl ginn.

**2. Organisatioun : Filmowend**

Am Kader vun der ***Semaine de la santé mentale***, lancéiert Gesondheets- a Sozialkommissioun de 16. Oktober e Filmowend. An dësem Kontext hunn e puer Changementer stattfonnt. (à voir leschte Rapport).

Conclusioun:

Eng besser Alternative gouf mat der Autobiographie vum Hape Kerkeling fonnt „*Der Junge muss an die frische Luft*" -> Dëse Film empfënnt Kommissioun als mei gëeegent fir dem Grand Public ze präsentéieren.

- ➔ D'Auerzäite vum Evenement goufen an den Invitatiounen ugepasst.
- ➔ De Film soll mat engleschen Ënnertitele präsentéiert ginn
- ➔ Fir d'Encadrement wärend dem ganzen Owend, suerge Membere vun der GSK
- ➔ Participante gi vun de Membere begréisst an empfaange
- ➔ De Präsident vun der Kommissioun "moderéiert" eng Froe-Ronn mat engem Pedopsychiater nom Film
- ➔ De Fabrice an de Philippe an e weidere Member gi sech de 24.09 de Festsall vum Jonglënster Lycée am Detail ukucke

Weider Tâchë ginn an enger leschter Reunioun virum Evenement nach genau opgedeelt.

- ➔ Opriichten/Ofriichten
- ➔ Spullen
- ➔ Buvette
- ➔ Iesse stockéieren, Gedrénks kal stellen etc.
- ➔ Accueil

Iessen a Gedrénks ginn eng Woch virum Evenement bestallt

- ➔ Op Allergië rücksicht huele : Glutefräi,Vegetaresch etc.
- ➔ Gesond Softdrinks ubidden
- ➔ Evtl. brénge Membere selwer gemachte Plat'e mat
- ➔ Gedrénks gëtt via Buvette ugebuede
- ➔ Iesse gëtt a Form vun engem Walking – Diner zerwéiert

Publikatioun

Publikatioun soll iwwert sozial Reseau'e vun der Gemeng veröffentlecht gi, de Sekretär an de President huele Kontakt mam Kommunikative Volet vun der Gemeng op.

Flyeren a Plakater huet Gemeng der Kommissioun gedruckt an zur Verfügung gestallt. MERCI

Rechter vum Film

De Fabrice huet mat de Produzente vum Film Kontakt opgeholl, per Courriel gouff eng Demande erageschéckt fir Rechter vum Film ze kréie. D'Lizenz kascht 400,00€

**3. Relais pour la vie**

Dëse Projet gëtt nom Filmowend nach mei am Detail ausgeschafft, bis well gouf et allerdéngs nach keen neie Moment. Et soll wei geplangt nächst Joer am Mäerz stattfanne.

Wat der Kommissioun wichteg ass: Participante sollen zu raisonabele Praiser kennen eppes konsuméiere.

**4. Iddie Medien – Mag- Team**

Fir an Zukunft keng Deadline mei ze verpassen erklären sech de Fabrice an de Philippe bereet, de Rôle vun der Kommunikatioun mei am Bléck ze behale, a reegelméisseg de Mail-System ze geréieren.

**5. Datum fixéieren a Rappel**

Di nächst Aarbechtsreunioun soll de 02.10 em 19h30 stattfanne, hei steet d'Organisatioun vum Filmowend am Vierdergrond

Eng regulär Reunioun fënnt den 20.10 em 19:30 statt, de Sekretär reservéiert de Sall.

**6. Divers**

T-Shirten -> Kommissioun erstellt Poloe mat dem Logo vun der Gemeng an dem Numm vun der Kommissioun. Faarwen a Gréisste ginn nach bestëmmt. An zukünftege Projet'e kommen déi an den Asaz.